Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8

Référence :

30 SEP. 2025

A traiter par

Copie à

N°2956
Entrée le 29.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 29. September 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden:

„De Präis vum Botter ass an Däitschland bannent engem Joer zolidd gefall. Louch de Präis fir e Weck Botter vun 250 Gramm am Oktober 2024 bei 2,39 Euro, sou läit e lo nach just bei 1,49 Euro. Dorunner schéngt awer net nëmmen den erhéichte Volummen u Mëllech Schold ze sinn. Am Virfeld vun de Feierdeeg um Joresenn dierften sech d'Zockerbäcker awer doriwwer freeën.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz follgend Froe stellen:

- Wéi presentéiert sech hei zu Lëtzebuerg d'Situatioun um Mëllechmaart? Wéi hunn sech d'Präisser an der Lescht entwéckelt? Wéi héich ass d'Differenz tëscht Biomëllech a konventioneller Mëllech?
- Wéi héich ass den Undeel vun der Biomëllech un der Gesamtproduktioun u Mëllech?
- Huet d'Madamm Minister Informatiounen iwwer d'Entwécklung vum Botterpräis hei am Land – dat och am Verglach mat eisen Nopeschlänner?
- Wat fir aner Ursaachen hunn zu enger eventueller Reduzéierung vum Botterpräis bäigedroen? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2956 vum 29. September 2025 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler an Luc Emering**

1. **Wéi presentéiert sech hei zu Lëtzebuerg d'Situatioun um Mëllechmaart? Wéi hunn sech d'Präisser an der Lescht entwéckelt? Wéi héich ass d'Differenz tëscht Biomëllech a konventioneller Mëllech?**

D'Situatioun um Mëllechmaart zu Lëtzebuerg ass am Moment stabil.

Am Joer 2025 louch de Präis fir **konventionell Mëllech tëscht 52.64 a 55.95 ct/kg**, ouni grouss Schwankunge wärend dem Joer.

**Monatlicher Erzeugerpreis für Milch**
**(Konventionnell & Bio, in ct/kg ohne MwSt.)***

| Preis (ct/kg) | Jan | Feb | März | April | Mai | Juni | Juli | Aug | Sept | Okt | Nov | Dez |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2025 | 55.95 | 55.86 | 55.47 | 54.90 | 54.03 | 53.00 | 52.64 | 53.12 | 53.29 | - | - | - |
| 2024 | 44.58 | 44.37 | 45.35 | 45.38 | 45.33 | 45.56 | 45.63 | 46.15 | 48.16 | 51.11 | 53.67 | 55.47 |
| 2023 | 59.25 | 56.65 | 53.12 | 48.45 | 44.16 | 41.65 | 40.70 | 40.97 | 40.97 | 41.81 | 42.58 | 42.98 |

De Produzentepräis fir **Biomëllech** louch am Joer 2025 tëscht **59,94 ct/kg an 61,57 ct/kg.**

**Monatlicher Erzeugerpreis für Bio-Milch (in ct/kg ohne MwSt.)***

| Preis (ct/kg) | Jan | Feb | März | April | Mai | Juni | Juli | Aug | Sept | Okt | Nov | Dez |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2025 | 60.89 | 59.94 | 61.57 | 61.37 | 61.51 | 61.18 | 60.61 | 61.28 | - | - | - | - |
| 2024 | 53.23 | 53.20 | 53.88 | 53.66 | 53.90 | 53.48 | 54.34 | 54.73 | 55.74 | 57.44 | 59.82 | 60.62 |
| 2023 | 57.13 | 55.50 | 54.87 | 52.51 | 50.80 | 49.97 | 49.36 | 49.88 | 50.46 | 51.56 | 51.79 | 51.32 |

Am Mount **August** louch de Präis fir konventionell Mëllech bei **53,12 ct/kg** a fir Biomëllech bei **61,28 ct/kg.**

D'Differenz am August tëscht konventionell a Bio louch also bei 8,16 ct/kg.
Iwwer déi éischt **aacht Méint vum Joer** (Jan.–Aug. 2024 / Jan.–Aug. 2025) gesinn, louch d'Differenz am Verglach mam leeschte Joer iwwert de gläichen Zäitraum am Duerchschnëtt bei **6,67 ct/kg.**

2. **Wéi héich ass den Undeel vun der Biomëllech un der Gesamtproduktioun u Mëllech?**

Fir d'Joer 2025 (bis August abegraff) gouf eng Gesamtproduktioun vun 319 224 135 kg Mëllech registréiert, dovun 3 084 649 kg Biomëllech, wat engem Undeel vun 0,97 % entsprécht.

3. **Huet d'Madamm Minister Informatiounen iwwer d'Entwécklung vum Botterpräis hei am Land – dat och am Verglach mat eisen Nopeschlänner?**

Laut STATEC ass de Botterpräis zu Lëtzebuerg am Duerchschnëtt tëscht September 2024 a September 2025 ëm 6,94 % erop gangen. Et ass dobäi wichteg ze betounen, datt et sech hei ëm Duerchschnëttspräisser handelt an net ëm Discounterpräisser.

*Quell: STATEC*

- **Statec - Prix**
    - ➔ **Évolution récente des prix (Excel, 3,67 Mo)**
    - ➔ Code 01010501

4. **Wat fir aner Ursaachen hunn zu enger eventueller Reduzéierung vum Botterpräis bäigedroen?**

**Méiglech Grënn fir de Réckgang vum Botterpräis an Däitschland:**

- De Botterpräis war 2024 wesentlech méi héich wéi dat Joer/déi Joren virdrun, an ass trotz Réckgang nach ob engem héijen Niveau *(nozeliesen bei: https://www.ami-informiert.de/ami-maerkte/maerkte/ami-maerkte-agrarwirtschaft/meldungen/single-ansicht?tx_aminews_singleview%5Baction%5D=show&tx_aminews_singleview%5Bcontroller%5D=News&tx_aminews_singleview%5Bnews%5D=53536&cHash=c787fb1039a5ab1b9244aaf9457379cc);*
- Erhuelung vun de Mëllechquantitéiten am Joer 2025 *(nozeliesen bei: https://www.ami-informiert.de/ami-maerkte/maerkte/ami-maerkte-agrarwirtschaft/meldungen/single-ansicht?tx_aminews_singleview%5Baction%5D=show&tx_aminews_singleview%5Bcontroller%5D=News&tx_aminews_singleview%5Bnews%5D=55099&cHash=acfa9170287517782e0a36071a7d6f9b);*
- E méi héije Fettgehalt wéi am Joer 2024 (wat d'Offer nach zousätzlech steigert);
- An eng méi niddreg Nofro wéi am Joer 2024.

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau